

D'Zwangsrekrutiert an hir nach verbleivend Fuerderungen

3,47 ~~to him~~

Léiw Nolauschterer!

Duerch onglécklech Formuléierungen a Bestëmmungen waren am sougenannten Dommages de Guerre Gesetz vun 1950 eng ganz Rei vun Diskriminatiounen an Ongerechtegkëten géngtiwer den zwangsrekrutiert lëtzebuerger Médercher a Jongen entstanden. Des Situatiounen konnten déi geaffert Generatioun nie acceptéieren. Duech den onermidlechen Asatz an déi sellechen Aktiounen vun der Fédératioun vun den Edf sin des Diskriminatiounen no an no ofgebaut gin. Esou fir d'éischt duerch d'Gesetz vun 1967. Dono koum d'Gesetz vun 1974 wat wéns dem allgemenge schlechten Gesondhétszoustand vun de Joergäng 1920 bis 27 eng fréizeiteg Pensionnéierung mam sougenanntten "Complément différentiel" erméiglecht huet. /Et blouw aver bestoen déi grouss Ongerechtegkët aus dem Gesetz vun 1950, déi den Zwangsrekrutierten d'Unerkennung als "Victimes patriotiques" net gesetzlech zougestéht. Trotz allem Drängen vun den Edf huet sech weder eng Regierung, nach eng Chambermajoritéit, nach eng vun onse groussen politeschen Parteien engagéiert fir dese Problem ze léisen. D'Fédératioun vun den Edf gouw dofir 1979 forcéiert hir égen Wahllëschten opzestellen. Eng onerwart grouss Zuel vu Wiehler hun dese Lëschten hiren Appui gin. Den Erfolleg huet och net ob sech warde geloss. Am Joer 1981 sin gleich 2 Gesetzer gestemmt gin. Dat ént huet déi ernimmten Diskriminatioun aus dem Dommages de Guerre Gesetz vun 1950 ofgeschafan an d'Edf ganz kloer als patriotesch Affer vum Naziregime erkläert. Dat zwët bruecht d'Verbesserung an de Conditioenen fir an de Genoss vun der fréizeiteger Pensioun mam virgesinnen Zouschoss ze kommen. Déi zwéé grouss gestallten Zieler, fir déi d'Fédératioun an d'Wahlen gezunn war, sinn also kloer an zefriddenstellend errécht. Et ass och virwat d'Associatioun vun den Zwangsrekrutierten ob hirem Congress dest Joer beschloss huet bei den nächste Chamberwahlen keng ége Lëschten méi obzestellen. Dommadden ass awer guer net gesot dass all Problemer déi sech aus der Zwangsrekrutierung vun lëtzebuerger Médercher a Jongen an hire Familien ergin hun an nach ergin geléisst sin. Au contraire: Et bleiven der leider nach ammer bestoen a fir déi ze léisen d'Fédératioun, hir Memberen an hir Verrieder sech nach wie vor mat aller Energie asetzen. An der Schluss-resolutioun vun desem erwähnten Congress ass dat och ganz deitlech festgehalten. A verschidden Emissiounen ob deser Antenne hat ech Gelegénhét fir déi verschidden verbleiwent Fuerderungen méi an Détailler ausernézeléen. Leider kann ech se haut, wéns der kurzer Zeit déi mir nemmen zur Verfügung stét, jhust kurz rappeléieren.

Do ass émol d'Fuerderung, dass Deitschland dat des Zwangsrekrutéierung verursacht huet an demno och verpflichtet ass fir dén sech doeraus erginne Schued erem gud ze machen. Wéineschtens esouweit méiglech. Wéi mir all wessen dréit de lëtzebuenger Staat méi schwéier un dese finanzielle Belaschtungen wéi all aner Länner déi am 2te Weltkrich verwéckelt waren. Et ass dofir nemmen gerecht, dass Deitschland sech un der Begleichung vun dese Scholden zumindest bedélegt an dest am Intérêt vum Lëtzebuenger Steierzueler, mä virun allem am Intérêt vun de jéngere Generatiounen déi des Lääschten schlussendlech alleng zedroen hun. D'Vertlieder vun den Edf fille sech dofir verpflichtet onermidlech des Fuerderung emmer erem virzebréngen. No de leschten Informatiounen ob déi ech och aus Zeitmangel net kann agoen, schingen d'Aussichten ob Erfolleg méi grouss wéi je ze sin.

Eng aner Fuerderung ass déi fir méi Better an Hémer fir pflegebedierfteg Bierger ze schafen. Jhust an dese Joeren warden vergiewens nach munnesch iwerliewand Mamm oder Papp vun engem gefalenen, vermessten oder ze fréih verstuevenen Zwangsrekrutéierten ob esou én Ennerdag. An 10 an 20 Joer kommen déi wéinag nach verbleiwend Edf un d'Rei fir wénegstens menschwierdeg an esou Centres de Gériatrie hire Liewensowend ze verbréngen.

Och déi Joerzingten al Fuerderung vun den Edf, dass d'Zeit déi Komeroden an dono jénger Joergäng an der lëtzebuenger Arméi verbruecht hun, bei der Pensioun sollen ugerechent gin, ward nach op d'Erfellung. Esou wéi ech mech an der Chamber vum éischte Joer un regelmässeg fir d'Aléisung vun deser berechtigter Fuerderung agesat hun, esou besti mir drop, dass dest nach an deser Legislaturpériod geschitt. Och nach vill individuel Problemer bleiven ze léisen an dofir kann ons Fédératioun an hir Vertlieder hir Arbecht net opgin. Aus all déne Grenn hun Délégiert um Congress 1983 des Aufgab ganz konkret an hirer Résolutioun mat folgendem Satz ausgedréckt: "exhortent les nombreux membres Edf de rester vigilants sur le plan politique, de ne pas prolonger dans la neutralité politique, mais de mettre individuellement et selon les affinités personnelles la main à la pâte politique, aux fins d'amener une solution aux desiderata restants et de défendre sur tous les plans la cause et les intérêts des Edf